PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Verdeedegung weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Arméi probéiert reegelméisseg de jonke Leit de Beruff vum Zaldot z'erklären a si fir eng Karriär an der Arméi ze begeeschteren. Fir de Rekrutement unzekuerbelen, gëtt op Partner-Programmer mat Lycéeën a mat Videoen op de sozialen Netzwierker an op der Télé geschafft.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Video, deen am Moment grad um Site d'acceuil vun der Arméi ze gesinn ass, soll den Alldag vun 3 Zaldot*innen duergestallt ginn. De Video dauert 3 Minutten an 2 Sekonnen, dovu ginn iwwert 20 Sekonne laang (11% vum Video) Zaldote mat Waffe gewisen.
   Wéi vill Stonne ginn an der Grondausbildung fir den Training Waffe genotzt (an absolutten Zuelen an a Prozent)? Ass de Minister der Meenung, dass dës Duerstellung proportionell ass?

2. Am Video gëtt och een Asaz am Mëllerdall ugeschwat, deen mat den Iwwerschwemmungen am Joer 2018 zesummenhänkt. D'Katastrophenhëllef ass ee wichtegen Aspekt vun der Aarbecht vun der Arméi, gëtt awer nëmmen um Rand erwäänt.
   Ass de Minister der Meenung, dass dësen Aspekt vun der Aarbecht vun der Arméi proportionell richteg am Video duergestallt gëtt?

3. Dës Videoe gi wéi gesot och op der Télé gewisen.
   A wat fir engem Kader ass d'Duerstellung vu Waffen op der Telé zu Lëtzebuerg erlaabt?

4. Gëtt beim Erstelle vun dëse Videoen op extern Agencë gesat? Falls jo, ëm wéi eng Agencë handelt et sech?

5. Mat wat fir Käschte war d'Ausschaffe vun dëse Videoe an deene leschten 3 Joer

verbonnen?
Wéi vill huet d'Publicitéit vun de Videoen an deene leschten 3 Joer kascht?

6. Ass de Minister der Meenung, dass Notze vu Waffe muss an de Virdergrond gestallt ginn, fir jonk Mënschen z'erreechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député